

NATIONALE COMMÉMORATIOUNSDAG

Den nationale Gedenktag fir un d'Resistenz vum Lëtzebu-
erger Vollek an de Krichsjore 1940-1945 ze erënnere, gëtt
samschdes, den 10. Oktober 2026, an den dräi Uert-
schaften Holzem, Capellen a Mamer zelebréiert.

De Schäfferot invitéiert d'Leit, d'Fändelen erauszehän-
ken, an all Matbierger, grad esou wéi déi lokal Veräiner,
un dëser Gedenkzeremonie deelzehuelen.



HOLZEM • 17.15 Auer

D'Gemeengevertrieeder an d'Zwangsrekrutéiert leeë Gerbë beim „Monument aux Morts“ op der
Place de la Résistance nidd. D'„Sonnerie aux morts“ gëtt gespilt an d'Heemecht gesongen.

CAPELLEN • 17.45 Auer

D'Gemeengevertrieeder an d'Zwangsrekrutéiert leeë Gerbë beim „Monument aux Morts“
virun der Kierch nidd. D'„Sonnerie aux morts“ gëtt gespilt an d'Heemecht gesongen.

MAMER • 18.15 Auer

D'Gemeengevertrieeder, Persounen, déi an de Krichsjoren ëmgesidelt oder verschleeft goufen,
hir Familljen a Frënn, politesch Prisonéier, Zwangsrekrutéiert, Delegatiounen vun de Veräiner
aus der Gemeng mat hire Fändelen, souwéi all aner Matbiergerinnen a Matbierger versamme-
le sech virun der Kierch.

Ueschléissend geet de Cortège duerch d'Rue Josy Barthel an d'Rue du Marché bis bei d'„Monu-
ment aux Morts“ virun der Kierch, wou d'Leit sech fir d'Gedenkzeremonie versammelen.



DEN OFLAF VUN DER GEDENKZEREMONIE ZU MAMER

- Niddereeë vun de Gerben
- „Sonnerie aux morts“
- Gedenkusprooch vum Buergermeeschter Luc Feller
- Intonatioun vun der Heemecht
- Mass an der Kierch

De Schäfferot

Luc FELLER, Buergermeeschter
Roger NEGRI, Schäffen
Ed BUCHETTE, Schäffen
Francine CLOSENER, Schaffin



www.mamer.lu



[www.facebook.com/
GemengMamer](https://www.facebook.com/GemengMamer)



[www.instagram.com/
commune_de_mamer](https://www.instagram.com/commune_de_mamer)